PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Enseignanten hei am Land hunn d'Méiglechkeet iwwert ee Programm fir "Enseignants détachés" beim Educatiounsministère unzefroen, fir eng Réi Joren an engem anere Land an enger Europaschoul z'enseignéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Enseignantë sinn am Moment an d'Ausland detachéiert?

2. Kann de Minister Detailer zu dëser Prozedur ginn?

3. Um Site vum *Bureau du Secrétaire général des Ecoles européennes* kann een noliesen, mat wéi enge Schoulen esou een Austauschprogramm besteet. Am Moment ginn um Site Schoulen aus Däitschland, der Belsch, Spuenien, Italien an Holland als méiglech Ziler genannt.
   - Op Basis vu wéi engen Accorden goufen dës Partenariater ofgeschloss?
   - Wat fir Krittäre ginn et fir esou ee Partenariat?

4. Kënnen esou Partenariater nëmmen an akkreditéierten Europaschoulen ofgeschloss ginn?
   Wa jo, firwat?
   Wier et net och intressant, fir dëse Programm op net akkreditéiert Schoulen auszewäiten, falls dëst net schonn de Fall ass?

5. Ass geplangt, d'Unzuel vu Partenariater nach mat weidere Schoulen a Länner auszebauen?
   Wa jo, lafen zu dem Thema am Moment Gespréicher?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député